
## Zu engem Film vun de Beggener Rover

# Repsen as gesond

Di Beggener Rover hun e Film gedréint, deen ee roueg als gesellschaftspolitesch däerf bezeechnen. "E rosa Repser oder Scouting for a better world" gräift eng ganz Rei Mësstänn aus onser Gesellschaft op: Sexwell, Isolatioun duerch Technik (Dis kothéik, Klinik), Egoismus (Amüsement a Statussymboler statt Nächsteléift), Gehierwäsch a Verblendung viru chrëschtleche Werter, Kriminalitéit, Energikris, asw. All déi Themen gin a kuerze Sequenzen an engem flotte Rythmus duergestallt a léi se sech all Kéier mat positive Sequenzen of: Technik kann och Kontakter vermëttelen, nieft der Sexwell gëtt ët och nach Léift tëschent Jugendlechen, d'Scouten als di nei Apostele brénge nei Bewegung an d'Spill (vun der Kierch), e Grupp Scouten sin an der Energikris op der Flucht aus dem Konsumzäitalter an eng illusionär Naturwelt, mä eng Kan Benzin gët hinne neess Hoffnung a si bréngen de Flemserten nei Energie ... Di positiv Astellung zum Liewe gët all Kéier vun Scoute bruecht - eng vläicht e bëssche graff Reklam fir dee Mouvement, obschons eng Sequenz mat der "Off-road-Jeep" weist, dass ët och do op an of geet, an de Won och alt emol kann ëmkippen oder am Bulli stieche bleiwen. Di optimistesch Sequenzen schéngen engem vläicht muenchmol zevill "rosa", mä et as erfrëschend, dass si regelmässeg duerch e gudde Schotz Witz an Humor relativiséiert gin.




D'Sequenze sin all vun enger villschichteger Symbolik: heiandsdo mi graff (z.B wa "mat der Scheierpaart gewénkt" gët) - awer bewosst esou graff, dass ët scho neess ironesch as, heiandsdo méi subtil wann d'Energi nët nëmme fir Petrol mä och fir dat psychescht Feier steet, dat ons um Liewen hällt, oder wann zwee Verléifter iwert e knubbelege Pavé biergop gin. (Dës Sequenz schéngt mer am allgemengen awer béis naiv a kaum nach realistesch fir e Jugendleche vun haut.) Dee Symbolräichtum meecht de Film allerdéngs schwéier verdaulech: ët muss een e puermol "repsen" - bei klenge Kanner as dat jo erwënscht! Leit, di d'Entstehungsgeschicht nët materlieft hun, versti nët an enger Séance di surchargéiert Thematik, an dofir däerf ee sech froen op dëse Film wierklech dat Kommunikatiounsmëttel mat Drëttpersoune gin as, dat d'Rover vu Beggen wollten erreechen. An där Virstellung, déi ech besicht hun, as nom Film wéineg diskutéiert fin, a vu Jugendleche scho guer nët. Dat schéngt mer typesch, well einfach zevill an 51 Minute gesot gët, och wann dat ganz flott gesot gëtt.

An deem Sënn schéngt de Film virun allem deenen, di matgeschafft hun eppes bruecht ze hun: si hu missen iwert eng ganz Mass Problemer nadenken, si si sëcher als Grupp zesummegewuess, an dofir as ët fir Aussenstehender méi schwéier gin hir Sprooch - och hir Billersprooch - ze verstoen. Mä dat Resultat (no bannen) wor secher och d'Experiment wert.

Ech stelle mer jhust d'Fro op hir Reflexioun ëmmer wäit genug gaang as. Sëcher kënnt een eenzel Aussoe kritiséieren (sou sin ech z.B. nët averstan fir e Meedchen, dat op gesond Ernährung hällt, sech e bëssche fatzeg klufft, gläich mat engem Hippi deen hascht z'identifizéieren), mä di gravste Fro stellen ech mer beim Opbau vum ganze Film: ët sin eenzel Sequenzen, di all nom positiv-negativ-Schema oflafen ouni direkt zesummenzehänken. As dat nët och symbolesch? Et feelt eng Analys, ob ët nët eng gemeinsam Uersaach vun all deene Mësstänn an onser Gesellschaft gët! An da géng ët vläicht nët duer mat enger B.A. hei an e bësschen Optimismus do fir all dene Problemer nozekommen!

Di Beggener Rover hun awer och geléiert mat der Kamera ëmgoen. Och wann d'Beliichtung an den Toun am Ufank heiandsdo ze wënschen iwreg loossen, sou

muss een dach besonnesch di mobil Kameraféierung an dee flotte Schnëtt ervirhiewen, déi de Rythmus ni langweileg gi loossen. Och d'Trickopnahme weisen, dass di Beggener hir Super-8-Filmtechnik an 3 Joer Aarbecht kapéiert hun, an de Chef Gast Nilles sot a sénger Aleedung jiddereen hätt däerfe bei deene verschiddenen Techniken matman.

Wann dëse Film typesch as fir e neie Geescht bei de "Lëtzebuerger Scouten", da kann ech nëmme soen, si sin um richtege Wee. Bravo.

m.p.